

Här Chamberspresident,
Här Staatsminister,
Madame Presidentin vum Staatsrot,
Madame Buergermeeschter, Dir Dammen an dir Hären

Et ass fir mech als Presidentin vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre Mondiale eng besonnesch grouss Eier, haut hei dürfen d'Wuert z' ergreifen.

Mir gedenken haut op desser Plaz deenen, déi sech gewiert hun, deenen, déi dem Envahisseur de Kapp gewissen hun, deenen, déi nët wollten akzeptéieren, wat mat hinnen a mat hirem Land geschitt ass.

Si hun déi Résistenz dacks mat hirer Freiheet, an zum Deel och mat hirem Liewe bezuelt.

Wann der mer hei eng kleng perséinlech Remarque erlaabt. Wann et am Zweete Weltkrich a Frankreich keng aktiv Resistenz gi wär, da géif ech haut nët virun lech stoen.

Méng Grousselteren a méng Mamm konnten am Februar 1943 - mat Hëllef vum Maquis du Vercors - am besaate Frankreich ënnertauchen.

Si hun - mat der Komplizitéit vun engem ganzen Duerf - do iwverliewt.

Resistenz geschitt nët an der institutioneller Legalitéit.

Dat ass eis bewosst gin - wéi mer als Comité pour la Mémoire iwver den Hommage un d'Brigades Internationales diskutéiert hun.

Resistenz ass och nët nëmmen e Phänomen vum Zweete Weltkrich.

Wa mer vu Resistenz schwätzen, dann denke mer un all déi, déi sech an der Geschicht fir d'Demokratie, fir Mënscherechter a fir d'perséinlech Freiheeten agesat hun, déi haut nach géint Diktatur a Friemherrschaft kämpfen.

Dat waren an der Vergaangenheet Leit wéi de Mahatma Gandhi, de Martin Luther King, de Nelson Mandela.

Dat sin haut awer och déi Männer a Fraen, déi zu Hong Kong op d'Strooss gin oder Leit wéi den Alexej Nawalny, deen an séngem Kampf géint de politesche Regime a fir fundamental Freiheeten ganz bewosst an sei Land zeréck gaangen ass, mam Risiko, an de Prisong ze kommen.

De Widerstand zéit ëmmer de Bléck vun der internationaler Kommunautéit un.

A wann een d'Parallell zwescht deemols an haut zitt, da kann een sech froen, ob et - deemols ewéi haut - duergeet, dat di international Communautéit nokukt - oder ob se misst oder sollt réagéieren - an esou guer agéieren.

Genau op deem Punkt wëllt ech un d'Arbecht vum Comité pour la Mémoire de la Deuxième Guerre mondiale uknëppen.

Mir hun vun lech, Här Staatsminister, den Optrag kritt, d'Mémoires-Aarbecht ze moderniséieren. Mir sollen se un d'Gefiller an Erwaardungen vun den hautegen Generatiounen upassen.

D'Enkel an d'Urenkel vun der direkt Betraffenen ginn anescht un d'Zeitgeschicht erun.

Sie brauchen weiderhin Denkmäler an Erënnerungsplazen wéi di heiten oder wéi d'Abtei vun Cinqfontaines, déi als direkt Gedenkstätt vum Krich hei am Land erhale bleiwe soll. Durfir si mer dankbar.

Di jonk Leit vun haut brauchen awer och eng nei Erënnerungskultur, eng Erënnerungskultur, déi hirem hautegen sozialen Emfeld an hirer Welt entsprecht.

Mat eis liewen haut hei am Land Leit, déi aus ganz Europa kommen. Si hun dacks e Migratiounshannergronn, dee mat aneren Erënnerungen verknäppt ass, wéi eis eegen. Eisen gemeinsamen Dialog, d'Vermëschung vun hiren a vun eisen Erfahrungen sin d'Basis vun enger neier Erënnerungskultur.

Déi ass och eng grouss Erausfuederung - virum Hannergronn vun geféierlechen, extremen Tendenzen, déi sech ëmmer méi, och an Europa, weisen.